« Dee schéinsten Drotiesel » - Concours

Am Kader vun der Manifestatioun « Dikrich feiert den Iesel“ de 29. Juni organiséieren de Syndicat d’Initiative, de Velo Club Dikrich (V.C.D.) an d’ “Eselen aus der Sauerstad Dikrich” (E.S.D.) dëse Concours.

Ëm wat geet et?
Komm de 29. Juni mat dengem Drotiesel an de Park, wou d’Fest “Dikrich feiert den Iesel” stattfënnt. Däin “outfit” an och dengem Drotiesel - Velo oder Lafrad – säin musse natierlech dem Fest ugepasst sin.
Een onofhängige Jury bestëmmt di 12 schéinst Drotieselen / Drotiesel-Equipe(n).

Wee ka matmaachen?
Grouss a Kléng! Aleng oder an enger Grupp! Schoulklassen oder Veräins-Gruppen!
Et et gi 4 Kategorien:

1. Erwuessener : individuell
2. Erwuessener : privat- oder Veräins-Grupp
3. Kanner/Jugendlicher: individuell
4. Kanner/Jugendlicher: Grupp (Schoulklass, Veräin ...)

Ass ee Präiss ze gewannen?
Fir all Kategorie sinn 3 Haapt-Präisser viirgesinn:

1. Präiss: Envelopp mat 1 000 €
2. Präiss: Envelopp mat 750 €
3. Präiss: Envelopp mat 500 €

Wéi kann ech mech umelden?
Um Internet-Site vum Syndicat d’Initiative **www.visit-diekirch.lu fënns du den Umeldungs-Formular fir ze downloaden.**

Schéck dese Formular w.e.g. bei de Syndicat d’Initiative Dikrich bis **spéidestens den 31. Mee 2019**

Hei kriss du och zousätzlech Informatiounen

T 80 30 23 **F 80 27 86** **tourisme@diekirch.lu**

Merci fir d’Matmaachen a bis geschwënn!

Garry SPEICHER — President vum V.C.D.

Karin BREUSKIN-PROBST — Presidentin vum S.I.T.

Sandro DIMOLA — President vum E.S.D.